*Léon RATHS*

# 150 Joër Onofhängegkeet (1839-1989) am Kontext vun der dausendjähreger Geschicht vum Lëtzebuerger Land

## 2. Deel : vun 1870 - 1918

De Krich vun 1870 tëschent Frankräich a Preisen huet Lëtzebuerg nët beréiert, well et jo „neutral“ war an esouwuel Frankräich wei och Preisen den „éiwegen Neutralitéitskontrakt“ vu Lëtzebuerg den 11. Mee 1867 zu London mat ënnerschriwwen haten, an och respektéiert hun.

Den 13. Januar 1879 ass de Prënz Hari am Schlass zu Walfer gestuerwen. Hie war dem hollännesche Kinnek a Groussherzog Wëllem III. säi Brudder a Stadthalter hei zu Lëtzebuerg. De Prënz Hari huet vill fir d'Onofhängegkeet vun eisem Land gemaach an hie war och ganz beléift zu Lëtzebuerg. E gouf de 25. Januar 1879 zu Delft an Holland an der Gruft vum hollännesche Kinnekshaus bäigesat.

t

Am Fréijoer 1889 ass de Wëllem III. schwéier krank gin, a konnt nët méi regéieren.

Wëll de Wëllem III. kee Jong hat, sollt op Grond vun ale Familjekontrakten aus dem Haus Nassau den Troun vum Grossherzogtum Lëtzebuerg un d'Haus Nassau-Weilburg goen. De Chef vum Haus Nassau-Weilburg war deemols de fréieren Herzog Adolphe vun Nassau.

Den Adolpe hat 1866 säin Herzogtum Nassau (mat Wiesbaden als Haaptstad) am Krich, op der Säit vun Eisterräich géint Preisen, un d'Kinnekräich Preise verluer. Esou koum et, datt den ofgesaten Herzog Adolphe séng aal Deeg haaptsächlech zu Wien, awer och op séngem Schlass zu Hohenburg a Bayern verbruecht huet.

Wéi de Kinnek-Grossherzog Wëllem III. nët méi regéiere konnt, gouf den Herzog Adolphe vun der lëtzebuerger Regierung zu Wien kontaktéiert fir him d'Regentschaft an domat, nom Doud vum Wëllem III., den Troun vum Grossherzogtum unzebidden.

Den 30. März 1889 hat den deemolege Staatsminister Paul Eyschen zu Frankfurt um Main ee Rendez-vous mat dem Herzog Adolphe fir mat him ze verhandelen. D'Bespriechung soll véier Stonne gedauert hun. De Staatsminister Eyschen war esou vum Herzog Adolphe.begeeschtert, datt e séngem Begleeder, dem Regierungsappariteur Jean-Pierre Becker (deen heibaussen gewaart huet) op d'Schëller geklappt an dobäi gesot huet : „Et ass gerode Becker!“ A wéi d'Geschicht et bewissen huet, war et geroden!

Den 10. Abrëll ass den Adolphe vun Nassau mat engem Extrazuch zu Lëtzebuerg ukomm, a gouf den 11. Abrëll 1889 als Regent an der Chamber vereedegt. En hat eng nassauesch Generolsuniform un an eng Pickelhauf um Kapp. Dat huet dem Vollgk nët gefall, a wéi den aalen Adolphe (en hat du schon 72 Joër) virun der Chamber aus der Kutsch geklommen ass, hun d'Leit geruff : "d'Pickelhauf af!" An ouni Pickelhauf hat den Adolphe et fäerdeg bruecht fir séch beléift ze maachen an d'Sympathie vum Land op séng Säit ze kréien.

Ma schon den 30. Abrëll 1889 war de Kinnek-Grossherzog Wëllem III. erëm esou wäit op de Been, datt hien dem Adolphe fir séng Regentschaft Merci geschriwwen an ëm matgedeelt huet, hie géng vum 3. Mee 1889 un d'Léngt vun de Regierungsgeschäften erëm selwer an d'Hand huelen.

De 4. Mee 1889 ass den alen Adolphe sang- a klanglos an den Zuch geklommen, an a Richtung Frankfurt/Main ofgereest.

Am Hierscht 1890 war et dun awer um Enn mat dem Kinnek-Grossherzog sénger Gesondheet. De Staatsminister Eyschen ass eng zweete Kéier bei den Adolphe gereest (dës Kéier op Hohenburg a Bayern) fir en z'iwwerzeechen, datt hien och fir eng zweet Regentschaft een Eed misst ofléen (den Adolphe war der Meenung den Eed vum Joer virdrun géif nach ëmmer gëllen). D'Regierung ass Meeschter gin. Den Adolphe ass de 6. November erëm feierlech zu Lëtzebuerg empfaange gin (a Generolsuniform, awer déi Kéier ouni Pickelhauf) an op een Neits als Regent virun der Chamber vereedegt gin.

Den 23. November 1890 ass de Kinnek-Grossherzog Wëllem III. gestuerwen. Domat ass d'Kapitel vun der hollännescher Herrschaft hei zu Lëtzebuerg op een Enn gaang. D'hollännesch Herrschaft,

déi nët ëmmer glécklech fir eist Land war, besonnesch nët an der Period vun 1815-1830, hat 75 Joër gedauert.

An domat ass och d’Kroun vum Grossherzogtum Lëtzebuerg definitif op den Adolphe vun Nassau iwwergaang, wat duerch eng Regierungsdéclaratioun vum 23. November 1890 bestätegt gouf. Eng drëtte Kéier gouf den Adolphe virun der Chamber vereedegt, déi Kéier als Grossherzog vu Lëtzebuerg. Et war den 9. Dezember 1890.

Den 23. Juli 1891 hun deen neie Grossherzog a séng Fra, d'Grossherzogin Adelheid-Marie, hir "Entrée joyeuse" zu Lëtzebuerg gehalen. D'Vollék huet matgemaach a war begeeschtert endlech een eegent Herrscherhaus ze hun.

Esou gouf de Grossherzog Adolphe de Begrënner vun eiser eegener Dynastie, déi elo schon an der véierter Generatioun um Troun ass, a mer 1990 honnert Joër lëtzebuerger Dynastie feiere kënnen.

D'Dynastie vu Lëtzebuerg as ee Stéck vun eiser Onothängeqkeet an Eegestännegkeet.

Ma ouni dee grousse wirtschaftlechen Opschwonk zum Schluss vum virege Joerhonnert hätt eis Onofhängegkeet op wackelege Féiss gestan.

Wéi den Adolphe vun Nassau Grossherzog vu Lëtzebuerg gouf, huet d'Berliner Press gemengt, elo wir et nëmme méi eng Fro vun der Zäit bis Lëtzebuerg ee Stéck vum däitsche Keeserräich géng gin, well Lëtzebuerg jo souwisou een däitscht Land a schon zënter 1842 am däitschen Zollverein wär, a wirtschaftlech nët ouni Däitschland bestoë kënnt!

Et ass Gott sei Dank nët esou komm!

Et war op Urode vum Aptikter Jean Meyer, deen als Chemiker op der Schmelz zu Eech geschafft huet, datt d'Gebridder Metz deenen zwee Englänner Sydney a Gilchrist THOMAS hier Erfindung ofkaft hun fir aus dem phosphorräiche Minette Stol ze fabrizéieren.

Bis dohin hu wuel Héichiewen zu Lëtzebuerg bestan fir d'Minette ze verhütten, awer eréischt d'THOMAS-Verfahren huet et erlabt, fir och Stolwierker opzeriichten an héichwertege Stol ze fabrizéieren.

Een Nieweprodukt vun deenen neie Stolwierker war d'Thomasschlak (och Thomasmiel genannt), wat besonnesch fir d'Landwirtschaft vum Norde vum Land vu groussem Notzen a Seege war. D’lëtze-buerger Baueren kruten d'Thomasmiel fir den halwe Präiss ze kafen. Domat haat d'Hongersnout a Friddenszäiten zu Lëtzebuerg een Enn.

1870 sin zu Esch/Uelzecht d'Brasseursschmelz an d'Metzeschmelz gebaut gin an 1882 ass *„d'Société anonyme des Hauts-Fourneaux et Forges de Dudelange“* gegrënnt gin. 1905 koum déi Rodanger Schmelz un déi grouss belsch Stolfirma „*Ougrée-Marihay*“ an domadder koum fir d’éischt belscht Kapital an d'Gebitt vum lëtzebuergesch-däitschen Zollveräin.

Awer och dat däitscht Grousskapital ass hei zu Lëtzebuerg ugetratt. D'Déifferdénger Schmelz huet een däitsche Konzern aus Bochum iwwerholl an eng nei Gesellschaft gegrënnt, déi sech *"Deutsch-luxemburgische Bergwerks- und Hütten A.G."* genannt an och d'Remelénger Schmelz iwwerholl huet.

De „Gelsenkirchener Bergwerksverein“ huet d'Brasseursschmelz zu Esch iwwerholl (1905) an duerno d’“Adolf-Emil-Hütte“ zu Belval gebaut, déi 1913 a Betrieb geholl gouf.

Fir dat däitscht Grousskapital ze bremse gouf 1911 d'ARBED (Acieries Réunies de Burbach, Eich, Dudelange) gegrënnt.

Aus engem armen Agrarland ass am Laaf vun de Joëren ee relativ räicht Industrieland gin.

Esou koum et, datt iwwer 40 % vum schaffende Vollék op de Schmelze geschafft huet. Drëssig Joer méi fréi huet praktesch d'hallschecht vum schaffende Vollék an der Landwirtschaft säi Brout verdingt.

D'Akommes vum Land war fir ee ganzt Joerhonnert gesichert.

Well esou vill Lëtzebuerger an Amerika ausgewandert waren, hat d'Land nët méi genuch Aarbechtsleit fir an de Minettsgalerien an op de Schmelzen ze schaffen.

Virun honnert Joer sin déi éischt Italiener massig an d'Land komm fir hei hir Kuuscht ze verdingen.

Si hu sech am Süde vum Land ugesiddelt (zu Diddeléng gët et haut nach ee Quartier dee sech "an Italien" nennt) a sech am Laaf vun engem Joerhonnert voll a ganz hei intégréiert. D’Italiener sin als fläisseg an intelligent Leit bekannt an Nokomme vun deenen Immigranten hun et esouwuel am öffentleche Liewen wéi och an der Industrie an am Wirtschaftsliewen zu héigen a verantwortungs-volle Poste bruecht. Besonnesch an der Baubranche si se staark vertrueden, an esou koum et, datt. nom zweete Weltkrich, d.h. ufanks bis Mëtt vun de fofzeger Joeren eng zweet Well Italiener an d'Land koum fir am Bausecteur ze schaffen.

De Problem vun de Friemaarbechter kennt Lëtzebuerg deemno scho laang. Et as keen neie Problem. Esou hun, op Grond vun enger Statistik aus dem Joer 1910, deemols 21.762 Däitscher, 10.138 Italiener, 3.964 Belsch, 2.103 Fransousen, 921 Eisträicher, 799 Leit aus verschiddenen Natiounen an 36 Staatenloser hei zu Lëtzebuerg gewunnt, dat waren zesummen 39.723 Friemer, déi haaptsächlech am Süde vum Land geschafft a geliewt hun an aus deenen am Laf vun de Joerzéngten déi bescht bekannt gutt lëtzebuergesch "Minettsdepp" gi sin; Lëtzebuerg hat se geschléckt.

Eis Eegestännegkeet op kulturellem Plang gouf besonnesch vu Leit wéi dem Nationaldichter a Komponist Dicks (Edmond de la Fontaine, Friddensriichter zu Veianen, an do de 24. Juni 1891 gestuerwen), dem Lentz an dem Michel Rodange (1872 gouf de Reenert publizéiert a koum direkt an de Kiirchebann!), an d'Liewe geruff. D'Sprooch vum Vollék koum zu Eieren. An der Chamber gouf nëmmen däitsch oder franséisch geschwat. Et war de sozialisteschen Deputéierten C.M. SPOO (1837-1914), dee fir d'éischt "lëtzebuergesch" an der Chamber geschwat an d'Fro.gestallt huet, op ee lëtzebuerger Deputéierten virum Forum vum Land a sénger Heemechtssprooch ze rieden däerf ?

Op sportlechem Plang gouf Lëtzebuerg an der Welt bekannt, wéi de François FABER 1909 als éischten Auslänner den "Tour de France" gewonnen huet (den Nicolas FRANTZ huet den "Tour" 1927 an 1928, an de Charly GAUL 1958 gewonn).

De 14. Juli 1900 gouf an der Stad Lëtzebuerg de Grondstee fir d'Neibréck (Pont Adolphe) geluecht an dräi Joër méi spéit konnt d'Neibréck ageweit an de Verkéier driwwer geleet gin (24.7.1903). Et war Joerzéngte laang déi gréisste Steebréck vun der Welt (als Zwillingsbréck vum franséischen Ingénieur Séjourné entworf : 150 m laang mat enger Spannweit vu 84,65 m fir de Mëttelbau an enger Héicht vun 42 m).

Ugangs November 1905 ass de Großherzog Adolphe a séngem Schlass Hohenburg a Bayern schwéier krank gin. De 17. November 1905 ass hien do gestuerwen an och bäigesat gin. 1953 gouf en an d'Krypta vun der protestantescher Kiirch vum Schlass Weilburg un der Lahn (dem Stammschlass vun den Nassauer) iwwerféiert an do bäigesat.

Säi Fils den Ierwgrossherzog Wëllem war schon zënter 1902 Regent a vun 1905-1912 Grossherzog vu Lëtzebuerg.

De Wëllem gouf 1893 mat der Prënzessin Marie-Anne vu Braganza, Duechter vum Kinnek Miguel vu Portugal bestued. Ursprünglech war den alen Adolphe géint dat Bestiednes well d'Haus Nassau--Weilburg protestantesch, d'Prënzessin Marie-Anne awer kathoulesch war. Eréischt wéi den Adolphe Grossherzog, a säi Fils Ierwgroussherzog vun dem kathoulesche Lëtzebuerg gi sin, hat hien näischt méi géint dat Bestiednes ënnert der Konditioun, datt d'Jongen aus dësem Bestiednes protestantesch, an d'Meedercher kathoulesch gedeeft solle gin. Et gouf sechs Meedercher! De Wëllem war schon 42 Joër al wéi e bestued gouf, d'Prënzessin Marie-Anne hat 32 Joer. Néng Joër laang hat deen alen Adolphe sech géint dat Bestiednes gewiert!

De 14. Juni 1894 gouf d'Prënzessin Marie-Adelheid an den 23. Januar 1896 d'Prënzessin Charlotte am Schlass zu Bierg gebuer. Et sin nach véier Prënzessinnen nokomm.

De Grossherzog Wëllem IV. huet nët laang regéiert. Vun do un datt hien um Troun war, huet e gekränkelt an am März 1908 war säi Gesondheetszoustand esou schlecht, datt hien ëm eng Regentschaft gebieden a séng Fra, d'Grossherzogin Marie-Anne, als Regentin agesat huet.

Ufanks November 1908 war de Wëllem esou schwaach, datt en nët mi schwetzen a schreiwe konnt.

Am Schlass Hohenburg a Bayern huet d'Grossherzogin Marie-Anne, den 18. November 1908, virun enger Chamberdelegatioun, den Eed als Regentin vu Lëtzebuerg ofgeluegt.

Well de Wëllem kee Jong hat fir Trounfolger zu Lëtzebuerg ze gin, huet de Grof Georg vu Merenberg (Fils vum Niklaus vun Nassau - een Hallefbrudder vum Grossherzog Adolphe - an der Nathalie Puschkin, der Duechter vum russeschen Dichter Alexander Puschkin) séng Usprëch op den Troun, dat op Grond vum Ierwrecht am Haus Nassau, hei zu Lëtzebuerg ugemellt.

Ma de Grossherzog Wëllem hat virgebaut. Schon 1907 hat hie mat Hëllef vum Staatsminister Eyschen een neit Ierwgesetz vum Haus Nassau-Weilburg der Chamber virgeluegt a staatsrechtlech ofseene gelooss. De 5. Juli 1907 gouf deen neie Familjestatut vun der Chamber mat 41 Stëmmen géint 7 Stëmmen (et waren d'Sozialisten, di dogéint gestëmmt haten) ugeholl. No deem neie Statut konnten dun och Meedercher zu Lëtzebuerg op den Troun kommen. Op Grond vun deem neien Ierwgesetz gouf d'Prënzessin Marie-Adelheid de 25. Februar 1908 Ierwgrossherzogin vu Lëtzebuerg.

De Grossherzog Wëllem IV. ass de 25. Februar 1912 um Schlass Bierg gestuerwen, an de 25. Juli 1912 um Schlass Weilburg un der Lahn bäigesat gin.

Den 18. Juni 1912 gouf dem Wëllem séng eelst Duechter Marie-Adelheid feierlech virun der Chamber zu Lëtzebuerg vereedegt. D'Begeeschterung vum Vollék fir déi nei Grossherzogin war grouss.

Ma déi jonk Grossherzogin, si hat de 14. Juni grad 18 Joër kritt, hat nët vill Chance an hirer Regierungszäit! Scho gläich um Ufank vun hirer Herrschaft huet si dat neit Schoulgesetz, wat mat grousser Majoritéit an der Chamber gestëmmt gouf, nët wëllen ënnerschreiwen. Doduerch ass ee Mësstrauen tëschent Regierung an Troun entstan. Op Drock vun der Regierung huet d'Grossherzogin nogin an d'Gesetz dach nach ënnerschriwwen.

Den éischte Weltkrich huet der jonker Grande-Duchesse d'Liewe schwéier gemaach a schlussendlech zerstéiert!

De Misär vum 1. Weltkrich ass hei zu Lëtzebuerg scho Samschdes, den 1. August 1914 mat der Besetzung vun der Gare vun Elwen duerch preisesch Zaldoten ugang. Si hun 150 m virun der Gare zu Elwen d'Eisebunnsschinnen erausgerappt a sin erëm ofmarschéiert.

Ma Sonndes muerges fréi ëm 3 Auer ass et richteg lass gaang. D'Preisen hun nom „Schliefenplan“ (*) dat neutralt Lëtzebuerg benotzt fir duerch Belgien a Frankräich anzefalen. Den 3. August 1914 huet dat däitscht Keeserräich Frankräich de Krich erklärt.

Dat war den Ufank vum Enn vum däitsche Keeserräich an der deemoleger Donau-Monarchie Eisterräich-Ungarn. Et war och d'Ursaach vum 2. Weltkrich, a bis haut huet Europa séng Rou nach nët fonnt. Besonnesch Mëttel- an Osteuropa laboréieren nach ëmmer un de Suitë vum 1. Weltkrich!

Elo zréck op Lëtzebuerg.

Nom Amarsch vun de Preisen an eist Land, huet den däitsche Keeser Wëllem II., deen de Krich géint Frankräich ugefaang hat, säin Haaptquartéier op Lëtzebuerg verluegt an en huet sech bei der jonker Grossherzogin ugemellt, an de Wonsch ausgedréckt um Haff empfaangen ze gin. En hat de Culot fir sich selwer anzeluedenl D'Marie-Adelheid war nët frou doriwwer, well si eppes géint d'Preisen hat. Et waren d'Preisen, déi 1866 hirem Grousspapp, dem Adolphe, d'Herzogtum Nassau ofgeholl haten. Elo waren et erëm d'Preisen, déi ongeruff an trotz dem „éiwege Neutralitéitskontrakt“ vun 1867, hei a Lëtzebuerg, also erëm an ee Land, wou d'Nassauer um Troun sin, agefall sin. Ma et war de Staatsminister Eyschen, deen der Grossherzogin geroden huet, si misst wéinst der Staatsraison den däitsche Keeser empfänken, well Lëtzebuerg jo elo komplett Däitschland ausgeliwwert wir an et nët anescht ging goen. Mat enger kaler Schëller huet d'Marie-Adelheid de preisesche Wëllem II. empfaangen an zu Dësch gebieden. Bei der Geléenheet huet sie eng Dëschried gehaalen, déi de Staatsminister Eyschen virbereet hat. Et huet näischt däerfen dovun an d'Zeitung ze kommen, an dach gouf vun deem Besuch zwee Méint mi spéit an der Chamber geschwat. Et waren déi onméiglechst Geschichten iwwert dee Besuch am Emlaaf. An et war och dee Besuch, deen der Grossherzogin Marie-Adelheid nom Krich als däitschfrëndlech virgeworf gouf!

De Staatsminister Paul Eyschen war du nët méi do fir d'Wouricht ze soën. Hien ass den 12. Oktober 1915 onerwart un engem Häerzinfarkt gestuerwen.

D'Suerg ëm d'Eenegkeet am Vollek no enger Regierungskris, d'Angscht am Vollek no dem Bommenugrëff vum 3. Oktober 1915 vu franséische Flieger op d'Stad, den Honger am Vollek deen ëmmer méi grouss gin as (de Staatsminister war grad vun enger Rees an d'Schwäiz erëm, wou e

Liewesmëttel fir d'Land kaafe wollt), ware Strapazen, deenen den häerzkranke Politiker Paul Eyschen nët méi gewuess war. Mat dem Paul Eyschen ass ee grousse Politiker begruewe gin, dee 40 Joer laang als Deputéierten, Minister a Staatsminister gehollef huet, d'Eegestännegkeet vun eisem Land ze forméieren.

** De "Schliefenplan" war schon am Joerzéngt virdrun vum preisesche Generol von Schliefen entworf gin fir a Frankräich anzefalen, woubäi Lëtzebuerg als Opmarschgebitt dinge sollt.*

Den 29. Oktober 1915 ass dun och nach de Chamberpresident Auguste Laval gestuerwen. Esouwuel de Staatsminister Eyschen, wéi och de Chamberpresident Laval sin zivil begruewe gin.

D'Grossherzogin Marie-Adelheid war eng fromm Persoun, an d'öffentlech Meenung huet den Doud vum Paul Eyschen mat de politeschen Differenzen tëschent Troun a Regierung a Verbindung bruecht.

Mat dem neie Staatsminister Loutsch koum eng ganz rechts agestallt Regierung un d'Rudder, déi awer nët d'Chambermajoritéit hannert sech haat. Et koum zu Manifestatiounen a Protester an der Chamber. An de Sitzungen vum 8. an 9. November 1915 sin esouguer d'Deputéierten unenaner geroden.

No dësem Zwëschefall huet d'Grossherzogin d'Chamber opgeléist! Ma di lénks a liberal agestallt Parteien hun dat als een ondemokrateschen Staatsstreech betruecht.

An der Wahlcampagne fir di nei Chamber koum den Troun ëmmer méi an d'politisch Diskussioun. Bei déi politesch Kriis koum den Honger bei engem groussen Deel vum Vollék.

Besonnesch d'Leit an de Stied an am Minette hun Honger gelidden. D'Aarbechtsvollék huet nët méi genuch verdingt fir déi deier Liewesmëttel ze bezuelen.

Vun der Regierung si Reglementer erlooss gin fir dee Problem ze léisen. Ma anstatt d'Problemer ze léisen, sin dës nach ëmmer méi grouss gin an hun d'Politiker uerg gespléckt!

A wéi déi nei Chamber den 11. Januar 1916 zesummegetratt ass, hun Escher Deputéierten, well se nët mat der Politik vun der Regierung d'accord waren, d'Ministerfotellen duerch d'Fënstere gepucht. Dat war nach nët do!

Et as eng Regierung no däer anerer komm, vu rechts no lénks-liberal, ma keng Regierung huet et fäerdeg bruecht fir de Problem vun deenen niddrege Léin an deenen deire Liewesmëttel ze léisen.

D'Hamsterfahrten goufe verbueden. Wann d'Leit et fäerdeg bruecht haten fir e bëssche Miel oder Gromperen géint Wucherpräisser ze hamsteren, da kruten se déi Saachen och nach vun de Gendarmen konfiskéiert (béis Zonge behaapten d'Gendarmen hätten d'Liewesmëttel, déi se de Leit ofgeholl hun, ënnert sech opgedeelt). D'Leit waren dann hire Suen an hiren deire Liewesmëttel lass. An dat war schlëmm fir Familje mat villen hongrege Kanner. D'Brout wat d'Leit ze kafe kritt hun, war nach eng knaschteg gro Mass. Wéi d'Miel méi rar gin ass, gouf Käschtemiel, spéider Seemill an esouguer Gips an de Broutdeeg gemëscht!

Et war duerfir nët verwonnerlech, datt d'Onzefriddenheet ëmmer méi grouss gin ass a schlussendlech am Fréijoer 1317 massiv Streiken am Minette ausgebrach sin. Dës Onrouhen hu bis nom Krich gedauert, well och an der éischter Zäit nom Krich huet et nët rosëg ausgesin.

Déi zwee lescht Krichsjoore ware gezeechent engersäits duerch d'Deirecht an niddreg Léin, op der anerer Säit duerch den Honger bei de Leit an der Stad an am Minette, duerch den Haass tëschent Stad a Land ervirgeruff duerch Wucherpräisser verbonne mat Kettenhandel vun de Liewensmëttel, duerch Regierungskrisen (et huet keng Regierung et fäerdeg bruecht fir d'Wucherpräisser z'ënnerbannen an de Problem vun de Liewensmëttel an de Grëff ze kréien) an duerch d'Angscht vun de Bommenugrëffer vu franséische Flieger op de Quartier vun der Gare an der Stad an op d'Schmelzen an der Minettsgéigend (dobäi hun d'Fransousen nëmmen di däitsch Schmelzen am Minette bombardéiert, d'Schmelzen vun der Arbed si verschount bliwwen). D'Angscht war esou grouss, datt d'Leit aus dem Quartier vun der Gare zu Lëtzebuerg op d'Land wunne gaang sin.

Vum Juli bis Enn Dezember 1916 sin 31 Ugrëffer op d'Schmelzen am Minette geflu gin an et gouwen 252 Bommen erof geheit!

Zum Schluss vum Krich si bal all Dag Bommen op d'Stad an op déi däitsch Schmelzen am Minette geworf gin. Bei déi franséisch Fliegerugrëffer koumen 1918 dun och nach Bommenugrëffer vun englesche Flieger. Ma d'Gare zu Lëtzebuerg an d'Schmelze si kaum getraff gin, well d'Preisen souwuel d'Gare wéi och d'Schmelzen mat Spärfeier staark ofgeschiirmt hun. D'Affer waren d'Leit, déi an der Noperschaft gewunnt hun oder grad op der Stross waren. Eleng bei de Bommenugrëffer vun englesche Flieger vum 28. März an dem 5. Abrëll 1918 op d'Gare vu Lëtzebuerg si 16 Leit leie bliwwen!

De 5. Oktober 1918 gouf um Schlass zu Bierg d'Prënzessin Charlotte mat dem Prënz Felix vu Bourbon-Parma fiancéiert. De Prënz Felix war Offizéier an der éisterräichescher Arméi a Brudder vun der Keeserin Zitha vun Eisterräich.

Am Oktober 1917 ass a Russland d'Revolutioun ausgebrach, ma och an Däitschland war d'Vollék nët méi zefridden.

Den 3. Oktober 1918 ass di däitsch Krichsregierung zréckgetratt an déi nei Regierung huet dem amerikanesche President Wilson de Fridden ugebueden, deen awer nët ugeholl gouf.

Déi däitsch Arméi war geschloen an huet de Réckmarsch duerch eist Land ugetratt.

An Däitschland huet et staark geramouert. Den däitsche Keeser Wëllem II., deen de Krich ugefaangen hat, huet missen zrécktrieden an den 11. November 1918 gouf am berühmte Waggon zu Compiègne d'Enn vum Krich ënnerschriwwen.

Awer och zu Lëtzebuerg huet et geramouert! Et hat sech grad ewéi an Däitschland een Aarbeechter- an Zaldoterot forméiert, dee ganz stiermesch eng Vollékserepublik ausruffe wollt.

Den 19. November 1918 sin déi lescht däitsch Truppen duerch Lëtzebuerg gezunn an den 20. November sin déi éischt Amerikaner am Süde vum Land an den 21. November déi éischt Fransousen zu Ell an d'Land amarschéiert.

D'Amerikaner hate schon den 18. November 1918 eng Proclamatioun un d'Lëtzebuerger Vollék publizéiert (a franséischer Sprooch), déi vum Generol Pershing ënnerschriwwe war (de Generol John Pershing war Chef vun den amerikaneschen Truppen an Europa). Schon den 21. November war de Generol Pershing zu Lëtzebuerg an en huet um Balcon vum Palais an der Stad, zesumme mat der Grande-Duchesse Marie-Adelheid, eng Parad vu séngen Zaldoten ofgeholl.

D'Franzousen sin den 22. November zu Lëtzebuerg agezunn an de Maréchal Foch war de 25. November zu Lëtzebuerg, wou hie säi "Quartier-général" opgeschloen huet (de Maréchal Foch war de Chef vun der franséischer Arméi).

Schon zum Schluss vum Krich hu sech am Grand-Duché Gruppe forméiert (ënner hinnen de Schrëftsteller Marcel Noppeney an aner bekannt Nimm), déi Lëtzebuerg u Frankräich uschléisse wollten. Awer och Belgien hat Intérêt u Lëtzebuerg, esouguer mat dem Accord vun der franséischer Regierung!

E wallounescht Regiment huet zu Arel drop gewaart fir zu Lëtzebuerg anzemarschéieren!

Esou huet de 25. November 1918 de belsche Generolleitnant Baltia (séng Virfuere koumen aus dem Grand-Duché) op der Gare zu Lëtzebuerg de Maréchal Foch begréisst an ëm ee Schreiwes vum franséischen Ausseminister gewissen, nodeem hien, de Generalleitnant Baltia, mat séngem wallounesche Regiment, Kommandant vun der Stad Lëtzebuerg sollt gin!

Als ieweschte Kommandant vun den alliéierten Truppe war de Maréchal Foch nët d'accord domat. En huet sech iwwer d'Uweisung vu Paräis ewechgesat a geäntwert, en hätt séng Zaldote matbruecht an déi géifen elo hei stationéiert fir an Däitschland anzemarschéieren an d'Rheingebitt ze besetzen.

Fir d'Belsch war dat eng déck Enttäuschung. Si hate gemengt, si hätten de Grand-Duché schon annektéiert!

Wéi grouss zu Bréissel d'Déceptioun war, konnt een den 2. Dezember am "Soir" liesen: *"Wann dee glorräiche Gewënner vum Krich, de Maréchal Foch, géng wëssen wéi gär déi belsch Zaldoten op Lëtzebuerg kéimen, da wär hien d'accord, fir eis Kavallerie-Divisiounen, déi elo schon deeglaang prett do stin, an de Grand-Duché.amarschéieren ze loossen!"*

Zu Lëtzebuerg selwer sin déi revolutionär an annexionistesch Bestriewungen a bestëmmte Kreesser ëmmer méi grouss gin.

Déi liberal Studentenzäitschrëft "La Voix des Jeunes" huet deemols geschriwwen: *"Luxemburg ist nicht unser Vaterland. Alle Merkmale die das Vaterland ausmachen sind uns noch immer abgegangen. Eine einzige Lösung drängt sich auf: Vereinigung unseres Landes mit unserem großen Mutterland Frankreich."*

Traureg, traureg. Mee et sollt nach besser kommen!

© 2001 Léon Raths